PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

An engem rezenten Artikel vum "The Times" gëtt bericht, dass d'EU eng fundamental Ännerung vun der Flüchtlingskonventioun vun 1951 plangt. Dëst Dokument, dat no dem Zweete Weltkrich ausgeschafft gouf a vun 144 Länner ënnerschriwwe gouf, definéiert d'Basisrechter vu Flüchtlingen, dorënner de Prinzip vum "non-refoulement".

Laut dem Artikel gëtt et e Pabeier, dat vu Polen ausgeschafft a vun den EU-Inneministeren diskutéiert gouf, wat eng méi breet Interpretatioun vun den Ausname vum Asylrecht proposéiert. Dëst kéint grondsätzlech Auswierkungen op d'Asylpolitik an der EU hunn, besonnesch am Kontext vun der Ofleenung vu Flüchtlingen un de Grenzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Positioun huet d'Lëtzebuerger Regierung zu de Propositiounen, d'Flüchtlingskonventioun vun 1951 ze reforméieren, a wéi steet si zu de Virschléi vu Polen?
2. Gouf d'Lëtzebuerger Regierung schonn an d'Diskussiounen agebonnen, déi der Press no tëscht den EU-Inneminister stattfonnt hunn, a wa jo, wéi eng Positioun huet si do vertrueden?
3. Wéi evaluéiert d'Regierung d'Kompatibilitéit vun dëse Propositioune mat den europäesche Mënscherechtskonventiounen an dem Lëtzebuerger Asylrecht?
4. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'aktuellt internationaalt Asylrecht nach zäitgeméiss ass, respektiv wéi eng Reformen hält si fir néideg, ouni déi fundamental Mënscherechter a Fro ze stellen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten